*D'Wuel vum Land virun allem! D'Plaz vun alle Guddgesönnten ass haut an der Unio'n. Si ass beruff, der Politik hei am Land nei Wéen ze weisen, frei vun allem wat d'Vollek de Parteie virwerft. — Si huet an déne Ment, wo' se konnt a voller Freihét schaffen, de Beweis erbruecht, datt se hir Missio'n êscht hölt.*

# D'Unio'n

D'Unio'n erschengt all Woch am Verlag v. d. Unio'n Abonnement: 15 Fr. pro Quartal — Enzelnummer 1.50 Fr. — Geschäfts- an amtlech Annoncen 2 Fr. pro Millimeterzeil. All aner Annoncen 1.75 Fr. — Administratio'n, Expeditio'n, Redaktio'n: Eck Philipp- an Enneschtgâss — Telefon 5832/508 — Postscheck Nr. 6491 — Verantwortlech ass den Aktio'nscomité.

**Jor 1 · No 7 · 11. November 1944**

LETZEBURG DE LETZEBURGER (DEVIS V. D. UNION) ✱ **ORGAN VUN DER UNIO'N** ✱ ECH DENGEN DER HEMECHT (JANG DE BLANNEN)

# Enegkét · Affergéscht · Hemechtsle'wt

## National Enegong, sozial Gerechtegkét

Salus publica suprema lex!
(D'Re'mer.)

D'Wuel vum Land virun allem! Vum e'schten Dag un, wo' mer de Programm vun der Unio'n entwekkelt hun, vun dem Moment un wo' mer no ve'er Joer önnerirdescher Arbecht matt dem reng letzeburger Programm erfir getruede sin, hu mir dese Prinzip he'chgehalen. Desem Prinzip bleiwe mer trei, trei bis zum leschten Otemzug. Bis zum Enn aus hale mer des Ke'er duer, well mer wössen em wat datt des Ke'er gespillt get. Gro'ss Affer musse mer eis operléen, ma mer brengen se gär. Niewent der viller Arbecht, de' d'Member vun der Unio'n an der Miliz, an de Büroen a. s. w. mâchen, brengen se trotz de schwe'eren Zeiten och nach gro'ss finanziell Affer. De Glawen un eis gerecht Sâch, d'Undenken un eis ongleckiech gefâle Jongen, de Gedanken un eis arm verschléft Mattbirger gin eis d'Kraft duerzehalen bis zum Enn. Mer hun dann och grad we' am Krich och haut nach vill Leit de' et ne'deg hun datt mer e mat Rot an Dot zur Seit stin. Fir d'Wuel vun eisem Land an dem Vollek ass eis keng Minut ze fre' a keng ze spe't.

Wat mir duerge'nt verlangen? — Neischt, absolut neischt wat no perse'nlechem Benefiss ge'w ausgesin. Gewöss wir et fir ons eng gro'ss Satisfaktio'n wann e gudden Dag d'letzeburger Vollek eise Numm matt E'eren ge'w nennen. Wuelverdengt em d'Land wer fir eis de' gre'ssten E'er.

Materiell Awantagen oder Privilegien hu mir ni verlangt a werfe mir ni fir eis verlangen. Dat ass wat eis vun engem gro'ssen Dél vun all denen schéd de' bis elo am letzeburger Land d'Gitten an der Hand haten. D'Parteiinteressen go'ngen hinnen ömmer fir. Wa mer haut eso' weit sin datt d'Vollek a senger gro'sser Iwerzuel eppes neies begiert, wann haut all de' denen de Patriotissem eppes ass wo'fir en dat Hechst, sei Liewe, ka woen, dann ass dat de Verdengscht vun der Unio'n, de' vum e'schten Dag un nom Zesummeschloss am März deses Joer emmer zur Enegong opgeruff huet. Emmer huet se hire Leiden des Wierder matt op de Wé gin: „ENEGKET, AFFERGESCHT an HEMECHTSLE'WT. Gewöss de' Zeit vum Krich erdurch wo' de Preiss am Land wor, wor et jo net eso'licht, ma desto daperer hun de' enzel Resistenzgruppen duergehal.

Haut ass et natirlech anescht. All dat wat eis gehönnert huet ass eriwer. Offen virum ganze Land könne mer eise Programm duerléen. Bis elo hu mer eis mussen eng gewösse Reserw operleen, well mer der Menong woren emol all de' gewerden ze lossen, de' an der Vergangenhét de Steier hei am Land gefo'ert hun. Et sin der drönner matt dene mer gudd Frönn sin an de' et bestömmt gudd mengen. Mir sin hinne schon an der Vergangenhét matt voll Vertrauen entge'nt komm a si wössen datt se zo' jidder Stonn op eis ziele kennen. Ma ént wönsche mer, se solle sech frei mâchen vun allem wat nach vun der Vergangenhét un hinnen hänkt, mer mengen all dat onse'legt Parteigemech, de' Kulissepolitik a. s. w. Et stét nun mengerwärrech zevill um Spill fir datt onst Land nach weider durch d'Parteie soll gefo'ert gin. De richtege Mann op de' richteg Plaz, ann dann Zesummenarbecht matt alle Guddgesönnten.

D'Plaz vun alle Guddgesönnten ass haut an der Unio'n. Sie ass beruff der Politik hei am Land nei Wéen ze weisen. Si huet an dene Me'nt wo' se konnt a voller Freihét virum Land schaffen de Beweis erbruecht datt se hir Missio'n éscht hellt. Si ass frei vun allem wat d'Vollek de Parteie virwerft. Hire Programm ass de Programm vun der Majorite't vum letzeburger Vollek. D'Vollek wönscht eppes Neies. An dat kann nemmen eng gro'ss national Organisatio'n mâchen de' sech op d'Majorite't vum Vollek ka steipen.

Dofir richte mer un all de' et gudd mam Land mengen nach eng Ke'er den Apell matt der Unio'n zesummen ze schaffen zur Verwirklechong vun hirem Programm. An hire Reien ass Plaz fir jidferén, dén sech zur Dewis bekennt:
LETZEBURG DE LETZEBURGER!
H. R.

## Patriotismus önner Beweis

Et get gro'ss Zeit, datt agegraff get. D'Leit kre'en schons net me' bei all Bäcker Bro't ze kâfen.

Wo'runner leit dat nun?

Ma d'Miller hu keng Frûcht fir ze muelen, folglech d'Bäcker och ké Miél. Et ass awer genug Frûcht an onsem Land, nach me', we' mir der brauchen. Also et muss agegraff gin.

Hei eng kleng Propositio'n:

Mir schalten vu vir erof de'je'neg Landesdéler als Liwerant aus, wo' mir we'nt de Krichsoperatio'nen net hikommen, da bleiwft ons nach e gro'ssen Dél.

1. De'je'neg Baueren si fir d'e'scht ofliwerongspflichteg, de' scho gedresch oder d'Me'glechkét fir ze dreschen hun, an dat direkt. Erunzetriéden ass speziell un de' Gemengen, de' nach Egeproduzent vu Stro'm sin, z. B. Cruchten, Irpeldeng bei Ettelbreck, a. e. w.
2. Mir hun nach eng gro'ss Zuel vu Miller, de' geographesch ideal geléen sin an de' och nach zum gro'ssen Dél Stro'mprozent sin oder dach Stro'm geliwert kre'en.
3. Transportfro? Dat ass iwerhâpt keng Fro. Mir hu jo glecklecherweis nach dausende vu Pèrd a Gefirer hei am Land, de' brauche ké Benzin. Virun an och am Krich si mir dach schon zu Fo'ss an d'Octave vun Ölwen a vu Clierf erof gepilgert. Wuefir dann net haut am Dengscht vun der Volekseniróng?

1. An nun nach d'Organisatio'n. — D'Unio'n bitt der Regirong an allen zo'stännege Stellen hir honnertprozenteg Mattarbecht un. Mir hu Fachleit an och dé beschte Wöllen dozo'. Net gezeckt an dat ne'degst fir d'e'scht.

Am Krich ware mir allegur am Land 95 Prozent Patriot. Nun och de Beweis, datt mir et nom Krich 100 Prozent sin. **A wién sech önnerstét, a desem Moment no 4 schwe'er Krichsjoren, wo' mir erem ugefang hun, frösch opzeotmen, d'Ernirong vum Vollek ze sabote'eren, dé könt un de Strank.**

*

Wa Letzeburg seng ége Kanner
Le'sst Honger leiden an der No't
Wann d'Hémecht fir ons aner manner
We' fir de' Friém huet Geld a Bro't, —
O da solls Du, Dén he'ch douewen
D'Natio'ne schaft a le'sst vergon,
Matt Denger Fauscht, de' schon erhuewen,
Ganz Letzeburg a Stecker schlon.

## Fir wat zwéerlé Môss a Gewicht?

D'Regirong, we' mir ömmer he'eren hun, an och der Ménong waren, ass do fir de Staat oder d'ganzt Land gerecht ze fe'eren an ze rege'eren. Si stét a fir d'Arbechter, d'Baueren, d'Handwierker, d'Beamten asw.

De Staat ass agedélt a Stad- a Gemengeverwaltongen, et ass awer nun d'selwecht, we' mir de' Verwaltongen all nennen, sie sollen all vun eiser Regirong hir Uweisonge kre'en. Wofir nun dén Önnerschéd a ville Sâchen?

Virum Krich go'wen all Staatsarbechter a -Beamten no dem Gesetz ugestallt an no hirem Tarif bezuelt. Alles war vollbeschäftegt; hallefbeschäftegter go'w et net, an och matt Recht.

So' ass och an de Stadverwaltongen verfuer gin. Wo'fir dén Önnerschéd an den D u r f-gemengeverwaltongen? Ass do eng Plaz fälleg, da get se gleich ausgeschriwen an d'Interessente könne sech mellen. Ass d'Zeit erfall, könnt de Conseil zesummen, an et gi so'zesoen Submissio'nen opgemat. Hu me' Libhaber sech gemellt, da stömmt de Conseil of. D'Majorite't entschéd. Sin all de' üblech Formalite'ten erfôllt, an d'Entschédong ass gefall, da get d'Setzong vum Burgerméschter opgehuewen. Eng gi fro', de' aner traureg hém, well et ass dén net gin, dé si sech geduecht haten; dach hémlech denken se, mir kre'en en awer. Könnt nun de' nächst Setzong erbei, an d'Gehalt soll festgesat gin, da wölle si sech revanche'eren. An deser Setzong get nun d'Gehalt vum Neileng festgeluegt. De gre'sste Féler ass nun, datt de' méscht Conseiljéen fachlech net op der He'cht sin.

Den e'schte brengt erfir: „Et ass jo keng schwe'er Arbecht, de' de Sekretär, de Receveur oder Arbechter ze machen huet.“ Den zwéte mengt: „Hien ass jo nemmen d'hallef Zeit vum Dag beschäftegt.“ Den drötte sét: „Ech ge'w et no Feierowend mâchen.“ De ve'erten vun dénen Hären huet et bösse me' Ahnong vun der Arbecht a sét: mir hun de' Perso'n gestömmt, a mir mussen se och bezuelen. Dé Posten brengt vill Arbecht an och eng gro'ss Verantwortong matt sech.“ An eso' gét et virun. A jidferén huet eng aner Ménong, a wat ass d'Resultat? Dé Beamten oder Arbechter get mat engem Gehalt oder Lo'n ugestallt, dat grad genuch ass, fir d'Murgen- oder d'Nuechtiessen ze bezuelen, vun anere Käschten keng Ried. Et ass eso' engem Beamten oder Arbechter onme'glech e Stot ze grönnen, well hie seng perse'nlech Käschten emol net bestridde kritt.

Et könnt wuel é kommen a soen: d'Gehälter steigen a falen matt dem Index. Dat ass jo richteg, mé wann d'minimalt Grondgehalt nömmen en Drenkgeld ass, kann den Index mam beschte Wöllen net hellefen.

A wuerfir ass den Önnerschéd töschent Stad- an Duerfgemengen? Sin d'Liewesmöttel bölleger um Land ewe' an der Stad? Ech mengen et wir de Konträr. An der Stad war ömmer alles me' bölleg ewe' um Land, well d'Konkurrenz vill me' gro'ss ass. An der Stad waren d'Wochemärt, wo' én dén aner önnerbueden huet, an duerfir d'Eer an de Botter bölleger ze kre'en woren, we' én se konnt um Land an an der Molkerei akafen. Ech gin nach me' weit: Wann é Beamten vum Land sech nömmen e Klédongssteck, a Puer Schong oder soss eng Klengechkét wöllt kafen, muss hién nach eng gro'ss Rés an d'Stad machen an en halwen Dolo'n verle'eren fir dat ze hun, wat e Stadter bei senger Dir huet.

Wann hie Brand brauch, get den Transport aus der Stad op d'Land ömmer nach derbei gerechent.

Nömmen an engem Ponkt ass de Stadter benodélegt, nämlech am Hauszöns, dén tatsächlech an der Stad eppes me' deier ass ewe' um Land, ofgesin vun dem Comfort dén eng Wunneng an der Stad huet ge'nt enger vum Land.

Wann um Land e Beamten oder Arbechter e Gard konnt amachen, wo' an der Stadt d'Me'glechkét net ömmer bestanen huet, gléwen ech, datt de' Arbech och eppes wert ass. Et wär eso' engem Mann och me' lîcht, owes no Feierowend bei den Dancing, an de Kino oder spaze'eren ze goen, als ewe' am Gard ze schaffen.

A wuerfir de' stiefmütterlech Behandlong fir d'Duerfgemengen?

Nu könnt de Jang a sét: „Jo Neckel, dat stömmt net alles, kuck eise Sekretär oder Recewer, de' sin nömmen zu 50 Prozent beschäftegt, dém seng Arbecht kann en aner bei seng machen.“ — Né Jang, du hues Onrecht, dat sin de' Zo'stänn, we' se ömmer waren, datt e Bauer, Handwierker oder Geschäftsmann eso' Plaze krit huet, wo' nach e Monni am Haus war, fir d'Arbecht ze machen. Hun de' net Akommes genuch? Eis Regirong war jo ömmer theoretesch ge'nt de Kumul, laut dem Gesetz vu 1937.

Soll an enger Gemeng eng Vollbeschäftegong net me'glech sin? Et könne jo Plazen vun 2 oder 3 Gemengen zesummegeluegt gin.

Ech hun iech elei de' Zo'stänn vu virum Krich geschildert, eis Regirong vun elo wärd schon eng gönschteg Regelong treffen. **S.**

## Geld an Arbecht

Zwo' Froen de' enk anenén greifen, sin de' vun der Gelddisponibilite't an vun der allgemenger Beschäftegong. Onst Wirtschaftsliéwen leit zo' zwé Dröttel brôch an ons Geldreserven, de' we' aus den Oemtauschoperatio'nen erfir gét, se'er gro'ss woren, sin zum gre'ssten Dél blocke'ert. Eng gro'ss Zuel vu Familjen kont keng 100 Mark pro Kapp an den Oemtausch brengen, so'datt beiweitem keng 200 Millio'ne Frangen dobei an d'Zirkulatio'n gesat go'wen. Vun dénen anere Gelder, de' theoretesch frei sin, leien de' méscht nach bei de Banken, der Spuerkés, dem Postscheck an dénen anere genossenschaftlechen Instituten. Iwert den Oemtauschsatz vun de Créancen, de' virum 4. Februar 41 enstane sin, bestét nach keng Enegkét.

Wat ass d'Resultat vun all dém? De Staat, d'Gemengen an d'Privatbetrieber hu net genug flösseg Möttelen fir hir Arbechter a Beamte voll auszebezuelen, net ze schwätzen vun der Me'glechkét Leit nei anzestellen, resp. virun am Arbechtsprozess ze halen. Et gi Virschöss ausbezuelt, an dat Ganzt get erschwe'ert, well d'Lo'n- an d'Preisregelong op sech warde lôssen. Et ass ower psychologesch falsch, mat de Verdengschtgelder zreckzehalen a villme' onerlabt Leit aus dem Arbechtsprozess auszeschalten oder op der Strôss ze lôssen, well hir Betrieber aus irgendengem Grond stellstin.

Wat ass bis elo um Arbechtsmart, wann én iwerhapt nach vun engem Mart do schwätze kann geschitt? Eppes ganz Negatives. De' Arbechter a Beamten, de' no dem 10. Mé 1940 vun de Preisen agestallt go'wen, sin zo' engem gudden Dél entlôss gin, oder et stét eng Könnegong bevir. Et get do och kén Ennerschéd gemâch, op et sech em politesch ontragbar oder stackletzeburger Elementer handelt. Dat ass ower och de Beweis, datt et aus ökonomesch Momenter ass, datt eso' verfur get. De' zwé Haptgrönn sin: 1. de Stöllstand vun der Produktio'n; 2. de' ongenügend Geldzirkulatio'n.

Onse Produktio'nsapparat leit nidder, émol well de Krich nach un de Grenzen ass, dann ower och well de' Industrien, de' schaffe könnten, net iwer de' no'twendeg Matière première verfügen. D'Kuelefro ass de' drenglechst, an dora si mir vu Belgien ofhängeg. D'Reserven vun onser Gro'ssindustrie si net bedeitend, an dach ka si hir Leit am Produktio'nsprozess halen a mat Ausbesserongs- a Reparaturarbechten délweis beschäftegen. Doniewt ower get och eng Partie Industrien, de' brôch leien, well et un engem Artikel, gewe'nlech u Kuele félt a kén sech drem kömmert hinnen ennert d'Aerm ze greifen. Et mag och sin, dass én oder dén aneren aus Geldspekulative Momenten net mat der Produktio'n ufänkt an domat eng ganz Rei vun Arbechter schiédegt. Dat wat gesche'e misst wir eng Erfâssong vu sämtleche Fabriken a Produktio'nsbetrieber mat enger direkter Enquête iwer d'Kapazite't vun hirer Produktio'n an enger Feststellong vun déne Rohstoffer, de' fir d'Ukurbelong vun déne respektiven Industrien ne'deg sin. Mir hun an der Press geliés, dass an der Textilbranche z. B., bei enger klenger Zo'délong vu Kuelen eng Fabrik an der Fiels erem direkt ulafe könt, a mir wössen, dass op der Plaz bei der Sekundärbunn 200 To. Kuele leien, de' seit September net touche'ert go'wen. Do wär jo bestömmt eppes ze mâchen.

Mir hun och matt Fréd konstate'ert, datt mir un Textilrohstoffen net arm sin. Wir net am allgemengen emol do virzegoen, fir all produktiv Me'glechkéten ze erfâssen, de' mir am Land an desem Moment hun, a vun déné grad elo am Krich an och nach spe'der net eng onausgeschäfft bleiwen därf. Da brenge mir et och fèrdeg, Leid ze beschäftegen, a wat vu gro'sser Wichtegkét ass, mir bauen e möttelindustriellen Apparat op, dén ons spe'der vill me' selbstänneg mecht, an och an onser finanzieller Situatio'n virunhölleft. Wat de' Betrieber ugét, de' nur aus Geldgrönn hir Arbechter a Beamten hémschecken, do muss ageschratt gin, fir datt matt guddem Wöll an e we'neg likide Gelder all Kraft iwert de' Iwergangsperiod durchgehale ka gin. Et wir och ze önnersichen, ob net Arbechter, de' elo net an d'Produktio'n vun der Industrie ageschalt könne gin, der Landwirtschaft fir eng kurz Weil zo'gedélt könnte gin, bis d'Industrie si erem vill me' ne'deg brauch.

D'Geldzirkulatio'n ass vill Schold drun, dass elo eso' eng gro'ss Önnerbeschäftegong ze konstate'eren ass. D'Patroen sin allegur schlecht drun, well si net wössen, wo'matt si hir Arbechter an Ugestallter bezuele sollen. Virwat get de Staat net eso'vill Geld direkt aus we' fir de normale Gank vun der Wirtschaft erfurdert ass? Soll dann elo me' eng gro'ss Gefor vun Inflatio'n bestoen we' virdrun? Önnert den normalen Ömlafsmöttelen de' e Betrieb brauch, si keng Krichsgewönner dran. Wat iwregens och d'Geld vun den Arbechterle'n a Beamtegehälter immunise'ert, dat ass jo schliesslech d'Verknappong vun de Wuren. D'Hamsterpreisser können durch eng straff Preiskontroll vermidde gin. Wann dann eppes vun der Kafkraft iwregble'w, wir dat eben d'Grondlag zo' engem neie Spuren, dat ville Leid, de' am Krich keng Geléenhét dozo' haten, le'f wir. Et ass un de Chef vun der Industrie, der privater an der öffentlecher Wirtschaft eng Opstellong vun all hire Leid ze machen, de' si a normalen Zeiten oder och am Krich önnert nei Organisatio'nsmethode beschäftegt haten, de' da virzeléen an ze verlangen, datt entspriéchent vill Gelder fir si déblocke'ert ge'wen. Op de' Art a Weis ge'w den Arbechsmart erem a normal Bunne kommen an d'allgemeng Atmosphär ge'w me' gesond.

Wo' d'Produktio'nsmöttele nach félen muss d'Geld net zo' engem zwéte Stén an d'Rad vum normale Liewensgank geworf gin. **Servus.**

# Nationalerze'onk

3. Kapitel.

**Féler vum Patriotissem. D'Hémechsle'ft ge'ntiwer der Le'ft zur Familjen an zur Mönschhét. (Chauvinissem, Fanatissem.)**

Ir mer d'Roll entweckelen, de' d'patriotescht Gefill an der Geschicht gespillt huet, wölle mer nömme feststellen, datt et e verschiddenartege Karakter unhuele kann.

Emol den absolute Karakter: dann hu mer de Patriotissem, we' de Plato e verlangt huet. D'Influenz vum Familjeliéwen huet dé bekannte Philosoph gefart, dofir wollt hién dat Hönnernöss radikal an senger „Republik" önnerdrécken. De Mariage huet en aus dém Grond ofgeschaft oder en dach nömme fir eng Zeit ugeholl an d'Eltere getrennt, eso' bal d'Kand gebur war. D'Kand selwer go'f der Mamm entrass an dem Staat iwergin, dén et eleng erzun huet. Eso' wollt hién ons vun onsem Familjeliéwen, vun onsen Interessen a vun onser Bequemlechkét dohém lassreissen an ons nömme fir den Dengscht vun der Republik erze'en. Dat wor ower ganz verfélt. Neischt an der Hémecht ersetzt engem sein „Dohém", neischt an der Erze'onk Papp a Mamm. Wann én dem Kand mamm gudde Beispill virgét, wann d'Familjentraditio'nen et le'eren, seng E'er héleg halen, dann ass net ze färten, datt et seng Pfllichten ge'nt d'Hémecht vergösst. „Si l'enfant a commencé par aimer sa famille, il aimera aussi, le moment venu, ses amis, ses concitoyens, sa patrie, car par une sorte de génération intérieure un sentiment une fois excité dans l'âme donne naissance à d'autres sentiments." (G. Compayré, Péd. p. 187). De Staat därf net délweis op de Kontrast töschent der Familjen- an Hémechsle'ft opgebaut sin. Bekämpfen sech iwregens Familjen an Hémechsle'ft? Etlechmol wuel, mé e Mann we' de Plato hätt erkenne können, datt zwé gleichwert Gefiller sech net stänneg ge'ntiwer stin, an datt se'er dacks d'Familjele'ft d'Le'ft zur Hémecht verstärkt, well si déselwechten Zweck verfollecht. „On peut essayer de modérer ou de régler un sentiment naturel, mais c'est une folie de prétendre l'arracher de nos coeurs; rien de véritablement humain ne peut périr en nous, sans que toute notre humanité s'en ressente." (Jules Simon, Dieu, Patrie, Liberté, p. 179). De System vum Plato ass iwregens nömmen délweis am ale Sparta, soss ower ni ugewandt gin.

D'Hémechsle'ft kann zwétens ausarten a Chauvinissem a Fanatissem. Eso'lang we' dest Gefill sech genere's weist, an e'schter de Mattbirger Affer brengt we' dem Friémen Hâss, gleicht et der Le'ft zur Familjen. Grad we' d'Familjele'ft ons net verbidd, gerecht ze sin ge'nt de', de' net zur Familje gehe'eren, eso' verhönnert e gesonde Patriotissem keng Natio'n, sech matt anere Nationalite'ten ze verbannen. Sympathien ze hun fir hir gro'ss Männer, hinnen Höllef ze brengen bei gro'ssen Onglecker. Musse mer erönneren u Courrières, Messina, an eso' vill aner Zeien vun der mönschlecher Bridderlechkét? Wann de Patriotissem ower net me' gerecht an tolerant bleiwt, arrogant get a belédegt, dann héscht e Chauvinissem. „Il se manifeste par une espèce d'aveuglement et de haine folle contre une nation rivale et ses grands hommes, par la tenacité farouche avec laquelle il entretient certains préjugés ridicules dans l'âme du peuple, ensuite en ce qu'un peuple ne cesse de prôner et de glorifier ses vertus nationales, qu'au même titre tous les peuples pourraient revendiquer pour mieux pouvoir ravaler celles des autres." (Ries, peuple luxemb. p. 265). Natirlech get dat sche'nt Gefill vum Patriotissem, wann et eso' veronstallt ass, ni an der Scho'l gele'ert an önnerhalen, we'negstens net a Friddenszeit; well matt Zeiten kritt de Chauvinissem eso' eng Kraft, datt en alles erdreckt an datt him neischt standhält; ech schwätzen vun de kriteschen, historesche Momenter, wo' d'Hémecht Ongerechtegkét, all Schrecken vun der Invasio'n a moralesch Torturen gelidden huet. Ké wöllt em es dann dofir a mecht him e Verbriéchen draus, well nömmen durch hié könnt d'Hémecht erem zo' sech, nömmen durch hié get se sech bewosst, datt hir E'er matt Fe'ss getratt get, nömmen durch hié schäfft se erem Kraft a Mudd fir dem Feind de Sîg z'entreissen. Dat ass e Fall, wo' eso' gur é net gemässegte Patriotissem ganz gerechtfertegt ass; an allen anere Fäll ower, wo' de Chauvinissem blann mecht, eso' datt é ganz seng ége Schwäche vergösst an iwer d'Moss d'Féler vun den anere vergre'ssert an hinnen all gudd Qualite't ofsprecht; wo' hién töscht ons an de Nopesch-Natio'nen eng chinesesch Mauer oprícht, — do ass hién o'ni Erbarmen ze verdamen.

Ni ower dèrf d'Hémechsle'ft der Le'ft zur Mönschhét ge'ntiwer stoen. „Ein dritter und weitester Kreis ist die Menschheit. Auch die Nationen sind wie der einzelne nicht absolut selbständige Wesen. Sie sind Glieder der Menschheit, eine jede geworden was sie ist, in der geschichtlichen Lebensgemeinschaft mit andern Nationen. Auch diesem weitesten Kreise gehört jeder einzelne an: Er ist als Glied seiner Nation auch in der Menschheit als Glied gesetzt und mit ihr durch das Gefühl der Humanität verbunden; die Menschheit ist unser aller Mutter." (Paulsen, Päd. S. 197). Kén huet besser d'Differenz töschent dem gesonde Patriotissem an dem Chauvinissem ausgedreckt we' de gro'sse Corneille. Wién denkt do net un de' bekannt Szén, wo' de' zwé Helden vun hirer Hémecht, den Horaz an de Curiaz sech ge'ntiwer stin? Den Horaz huet all Familjeband vergiéss, Brudder, Schwester, Frönd a Fra, neischt existe'ert me' fir hién nieft senger Hémecht: „Albe vous a nommé, je ne vous connais plus." (Horaz). Dat ass d'Sproch vun engem iwer d'Moss starke Patriotissem; ass do d'Aentwert vu sengem Ge'gner net vill me' sche'n; dén d'Mönschhét vertrött an och kämpfen a stirwe kann fir seng Hémecht: „Je vous connais encore et c'est ce qui me tue."

(Get fortgesat)

# De' ganz schwarz Schof!

Den Här Staatsminister Düpong bedauert an enger Pressekonferenz, datt d'Lehrerkorps an der preisescher Besatzongszeit am méschte versot huet, hie stellt fest, datt 81 Scho'lméschteren an 30 Le'erinnen der Nazipartei beigetruede sin.

Mir huelen eis d'Recht, dorop ze äntwerten. Mir si nämlech e'schtens der Ménong, datt én eng Herd Schof net nömmen no déne schwarzen beurtéle soll. An zwétens si mer derge'nt, datt eng abselut Zuel soll eng Minderwärtegkét beweisen, da scho le'wer eng Prozentrechnong. Lôss mer emol unhuelen, vun den Arbechter wären der 1000 an der Nazipartei gewiescht, da wären dat jo nach me' schlechter we' mir. Mer machen e Virschlag: Wann d'Regierong oder d'Vollek onbedengt gär dat allerschwärzt Schof ge'ng fannen, da rechne mer de Prozentsatz vu Nazien aus alle Stänn, Beruffer a Verwaltongen aus. Mer zweiwelen drun, op mer dann am schlechsten ewegke'men. Eso'lang we' de' Statistik net opgestallt ass, wölle mer net als de'je'neg dostoen, de' d'Pan solle klaken. Et sin nämlech eiser vill am Land an duerfir hale mir de' Zuel vun 111 (81 an 30) net gutt, wa versicht get, eis domat an d'schwarzt Licht ze récken.

A wa mat der Zuel 111 soll bewise gin, datt mer de' allerschlechst woren, da könne mer och mat we'negstens grad eso' enger gro'sser Zuel beweisen, datt dat net wo'er ass. Et sin der — wa vielleicht én oder den aneren net soll gutt önnerrîcht sin — och vun eis am Krich fir d'Hémecht erschoss gin, et so'tzen an et setzen der nach vun eis am KZ., et woren der och vun eis politesch flüchteg (secher net we'nt Deitschfröndlechkét) et war eng gutt Partie vun eis an Deitschland strofversat, et sin der och vun eis bei der Befreiong vu Letzeburg gefall, et stongen der och vun eis an der Resistenz a sie hun do an alle Sektoren mattgeschafft: am Spionage, am Streik an am Organise'eren vum Streik, am Sabotage, an der Höllef fir d'verstoppte Jongen, fir d'Ömgesidelt a fir d'Prisonne'er. Mer hun dat, wuelverstanen, net gemat, fir eiś haut domatt ze bretzen, mé well mer et als eis Pflicht a Schöllegkét vis-à-vis vun eiser Hémecht empfond hun: mer hätten awer op der anerer Seit och net gär, wann én eise Stand nömme no déne Schlechten juge'eren ge'ng.

Lôsse mer emol unhuelen, mir hätten am méschte versot. Mer gléwen awer, datt mer am allgemengen virum Krich grad eso' gutt Letzeburger woren, we' den Durchschnött vun eiser Bevölkerong. Dann hat eist Versoen wahrscheinlech bestömmte Grönn. Mer wöllen elo emol dovun ofgesin, datt och virum Krich bei eis muenches net eso' wor, we' et hätt solle sin. Dat gehe'ert, streng geholl, net heihin, a mer komme spe'der nach eng Ke'er drop zreck. Mer wöllen nömmen niewebei soen, datt mer de' Zo'stänn vun 1939 net als eist Ideal ugesin an datt de' Onzefriddenhét vun démols bei muenchen d'Versoen am Krich erbeigefe'ert huet. Dat ass keng Entschöllegong fir d'Verre'der, et ass nömmen eng Erklärong iwer we' a wuerfir. Et ass leider eng Tatsach, datt de Staat eis virum Krich systematesch zu Klenschendrécker erzun huet. Dat ass awer fir e freie Mönsch ente'erend an et wîrkt sech op längst op sei Gemitt aus, e get apathesch an hie le'sst eben alles komme we' et könnt. A wann dann emol eng Ke'er d'Haus brennt (wann de Preiss do ass), dann ass et ké Wonner, wann hien net hölleft läschen: seng Initiativ ass do't an hien ass gewinnt ze follegen an sech ze ducken. A wann dann d'Feier emol am Stre' ass, da kuckt hien automatesch op de Méschter. Seng Selbstännegkét ass nämlech gestuerwen an hien huet sech dru gewinnt, blannemännches dat ze mâchen, wat hien ugestallt gét. De Méschter ass awer net do, hien ass op der Rés fir sein Haus nei ze assure'eren; dat ass jo an der Rei an et ka ké Mönsch eppes doge'nt hun, zemols hien dem Verwalter an dem e'schte Kniecht d'Verantwortong iwer d'Wiésen dohém iwerdroen huet. Wann dann awer de' verantwortlech Leit entweder färten, fir ze läschen oder eso'gur nach Petrol an d'Feier schödden, fir datt et besser brennt, da brauch é sech net ze wonneren, wann de' kleng Dole'ner, de' gewinnt sin ze follegen an no uewen ze kucken, datselwecht machen. Dat ass e bössen bildlech geschwat, mé wien et wöllt verstoen, dé verstét et schon. An elo an dém Zesummenhank eng virwötzeg Fro: Wien ass me' schölleg, de Verwalter an de' e'scht Kniecht oder de klengen Dole'ner? Eisem klenge Mönscheverstand no sin de Verwalter an de' e'scht Kniecht me' schölleg; sie hu jo och a gudder Zeit de' deck Tromm geschloen a sie sin duerfir jo och ganz gutt bezuelt gin. Durfir hätten sie och d'Pflicht gehât, a schwe'rer Zeit emol eng Ke'er de Kapp duerzehalen an zwar e gudden, harden letzeburger Klatzkapp. Mer sin iwerzégt, datt de' méscht kleng Dole'ner et grad eso' gemacht hätten, sie ware jo gewinnt ze follegen!

Dat war d'Situatio'n 1940. D'Preisen hun de' Lag ganz gescheckt ausgenotzt, fir zu hirem Ziel ze kommen. Sie hate jo schon eng gewöss Routin doran a sie woren net me' we' fro', wann de' Leit, de' virum Krich am Ländchen op verantwortlechem Posten stungen, sech dofir hiergin hun, hir (de Preisen hir) dreckeg Kar ze ze'en. An dann ass den Drock vun de Preisen ugangen. A propos Drock! Et get haut eng Sort Leit, de' net oder we'neg önner preiseschem Drock stongen a sie wölle sech e Verdengscht draus machen, wann sie lâscht muenches komm sin. Dat ass verke'ert, wannechgelift! Wann é Chance huet, huet én ébe Gleck, mé dobei ass ké Verdengscht! Datt mir stârk önner Drock stongen, erklärt sech e'schtens aus dem Opbau vum preisesche System: d'Nazien wollte perforce d'Jugend zo' sech hun a fir eis Kanner ze kre'en, hun sie d'Scho'l gebraucht, well se iwer d'Elteren net de' ne'deg Kontroll haten an och oft net dén erfuerderlechen Drock op sie mâche konnten. Wann dann awer nach vielleicht é mengt, mer hätten zwétens net önner starken Drock gestanen, da si mer berét, him mat dénen ne'degen Önnerlagen ze beweisen, datt hien am Irtom ass. Et sin der nämlech önnert eis, de' de' preisesch Schreftstecker fleisseg versuergt hun. An dröttens kann én eis Sach och émol vun enger aner Seit gesin. Wa mir carrément né gesot hätten, da wäre mer geflunn an et wäre preisesch Le'erinnen a Scho'lméschteren an eis Plaz komm. Ob mer domat der Jugend an dem Land vill gedéngt hätten, de' Fro kann emol jidferén, dé mengt, mer hätte ganz schlecht gemat, e'erlech bei sech beäntweren. Mer wössen och ganz gené, datt haut dé Gedankegank vun enger Partie Le'erinnen a Scho'lméschteren virbruecht get, de' net me' an eis Reie passen an de' dodurch versichen, sech erauszerappen. Déne wölle mer awer ganz bestömmt de Reck net steipen, mer wollten nömme soen, datt der vill önner eis woren, de' e'erlech eso' geduecht hun an de' am Intresse vun der Jugend a vum Land heibliwe sin, fir ze retten, wat nach ze rette wor.

Mer sin awer och der Ménong, datt nömmen de' Schölleg solle bludden. Grad ewe' et verke'ert ass, de' gudd Baueren a gudd Geschäftsleit matt de Profiteuren a Schieberen an én Döppen ze geheien, ass et och net ubruecht, d'Le'erinnen an d'Scho'lméschter mat enger Kar op d'Möscht ze fe'eren. Mer stongen nämlech ve'er Joer am Dreck a mer wösse we' et war. Et wären der ganz bestömmt vill vun eis le'wer mat der Pio'sch op d'Arbecht gangen oder mat dem Plo' gefuer, we' datt se hu missen an dem preisesche Schlamassel erömwudderen an dobei versicht hun, sech eso' gudd ewe' me'glech lâscht de Schwindel ze drécken. Et wär jo fir eis och me' einfach gewiescht, wa mer de Preisen d'Mäntelcher aus an ugedon hätten an dann zum Scho'lrat promove'ert gi wieren, aplaz datt mer all puer Dég Ziedelen vun dem Ortsgruppenleiter, dem Kreisleiter, der Gestapo oder der Amtsburgerméschterei am Haus haten.

Mir wöllen awer beileiwen heimat de' Schölleg net rengwäschen. Mer wöllen nämlech propper dostoen a mer verlangen, datt net nömmen d'Pg. geholl gin, mé och de', de' sech net enthale konnten, de Preisen d'Wâsser op d'Millen ze dreiwen. Mer mâchen do och e gudde Virschlag: Losse mer emol eng Ke'er vun uewe no önne botzen!

An dann zum Schluss nach eng Haptsach: Mer wöllen iwer dem Botzen net vergiessen, datt vill praktesch Arbecht ze léschten ass an datt mer musse frösch opbauen. Wann en Haus nämlech am e'schte Sturem (1940) zesummebrécht, da waren d'Föllementer schlecht an et muss frösch opgerîcht gin, wa me'glech matt beton armé. Mer iwersetzen: Et wor och bei eis muenches faul virum Krich an dat wölle mer am neie Letzeburg net me' matt iwerhuelen. An un d'Spötzt hätte mer gäre Leit matt Charakter a matt gudden harde Käpp, a keng me', de' sech eso' dre'ne, we' de Wand just peift! Da pake mer gären eng Hand un a mer bauen zesumme matt un engem neien a bessere Letzeburg!




We' onsen Zêchner sech 't rentrée des classes virstellt, wann de Krich nach bis zum Jor 1994 gedauert hätt.

# Ons Regierong!

Elo sin et schons e puer Wochen hîr datt ons Ministeren aus der Friemd eröm sin, an si sinn schon dichteg un der Arbecht. Et ass och ké Wonner wo' alles nei opgebaut muss ginn!

Mé wat ech bis elo vermösst hun, dat ass e klengen Bericht wat se doiwer gemât hun.

Op mengem klengen, selwer zesummen gezammerten Radio (mir wössen jo, wo' de' sche'n gro'ss Apparaten hin komm sinn) hun ech hei ans do gehe'ert, dass de' Hèren Dupong oder Bech, oder Krier oder Bodson op dèr an dèr Konferenz derbei woren. Wat ass dann dobei eraus komm? Huet ons Regierong do net de' eng oder âner Obligatio'n fir d'Land iwerholl? We' ass et z. B. mam internationalen Statut vum Letzeburger Land? We' ass et mat der Zollunio'n mat Holland? An eso' weider.

Also dir Hèren Ministeren, get ons e we'neg Beschéd wat an der Friemd virgângen ass, oder wöll Dir der Chamber e Bericht mân?

D'Mandaen vun den Depute'erten a vun de Memberen vun den Beruforganisatio'nen si wuel verlängert gin, mé de' puer Wochen wo' Dir hei sit hun Iech jo secher iwerzégt, dass de' Hèren aus dem Staatsrod, Chamber, Gemengerod, Berufskameren net me' de' richteg Leit sin. An et wär Zeit wa mir nei Wahlen kriten! Et kann é wuel soen, et sin nach zevill Letzeburger an der Friemd an de' Wahlen gi ké richtegt Bild iwer d'Stömmong am Land, dat stömmt, ech hu selwer Familjen doîwer, an ech fèrten dat allerschlömmst; mé d'Wuel vum Land gét vir. Wat den de Gaulle a Frankreich mae kann, dat könne mir och heihém.

# Zwo' Propositio'nen!

Bei der Jorhonnertfeier waren iwerall am Land Freihétsbém geplanzt ginn, an d'Preisen hâten neischt besseres ze dun, we' all de' jong Bém emzehan. Et wär elo un der Zeit wann all Sectio'nen vun der UNIO'N sech emkuken ge'ngen, dass am Fre'johr nés iwerall, vu Remeleng bas op Wemperhardt, nei Freihétsbém geplanzt oder evt. Gedenkstén oder eng kleng Anlag opgericht ge'wen. Dat brauch neischt deieres ze ginn, an elo am Wanter wo' se um Land besser Zeit hun, könnt schon de' eng oder âner Virarbecht gemât ginn.

An dann eng âner:

De Krich dauert nach ömmer, mé et schengt we' wann de leschte Ku virun der Dir ste'ng. We' wär et dann wann d'Memberen vun der UNIO'N matt evt. den aner Vereiner an dem Land, den Dâg vum Armistice owens um 6 oder 7 Auer, eng Burg ofbrennen ge'wen. Mir sin wuel arem, mè eso'vill Stre' an Holz werden mir dach nach zesummenrafen fir iwerall eng oder e puer Burgen opzerichten. Des Propositio'n war schon 1939 fir d'Onofhengegkétsfeier gemâch ginn, et wor ower ze spe't fir s'auszefe'ren. Dat ass schon senger Zeit an Dänemark ausgefo'ert gin, an ech ka mech erönneren, dass 1935 bei der Saarofstömmong och eso' e Frédefeier gebrannt huet.

Jenodém könnten de' zwo' Sâchen matenaner gemâch ginn.

## Elo gét et dur

D'Unio'n huet matt Bedaueren feststellen missen, datt am Zesummenhang mat den Hausdurchsuchongen, bezw. Verhaftongen vun déne leschten Dég önner aneren och é vun onsen verdengschtvollste Memberen de **LUXEN Pier** vun Hollerech, mat senger Familjen an de Verdacht an an d'Gespre'ch kom sin, sie hätten e Geheimsender am Haus gehat. Heimat göt dat Gerücht op de' kategoreschst Mane'er dementeert an als infam Verleumdong gebrandmarkt.

**D'Sectio'n Hollerech vun der Unio'n.**

# AUS DER »UNIO'N«

**Biéles.** — Knapps sin d'Allerhellgendég mat hirem feierlechen an ausdrocksvollem Klackengelauds eriver, a schon klenken d'Klacken erömm durcht ganzt Land, iver Bierg an Dall bis an dat klengst, entléenst Duref. D'Do'deklacken woren et, de' d'ganzt Land erönnert hun un de' Bèscht aus hire Reien, un eis Jongen, de' gefall sin an opgezwongenen, verhâsten Uniformen, gesturwen an de preiseschen Prisongen, zum Do'd gemartert an de K. Z. fir hire Glaw, fir d'Freihét vun hirem Land, hirem sche'ne Letzeburg. D'Do'deklacken woren et, de' durch hirt Gelauds t'ganzt Land opgefurdert kun, an desen fir d'Land nach gefe'erlechen Stonnen, we' é Mann fest zesummen ze stoen; sie woren et, de' ons Gedanken zo' déne gedroen hun, de', nach weit vun hirem le'we Letzeburg eweg, och eröm gèren dohém wiren, an de' mir hoffen, én Dag eröm önner eis ze gesin; sie woren et endlech ower och, de' ons soten, aus dem Ongléck vun desen Bèschten eng Le'er ze ze'en a mam Géscht vun haut nött um Mé 1940 unzebannen, wann och mannecherén dat net verstoe kann oder wöllt. Hei zu Biéles woren et Komeroden vun desen Béschten, Déserteuren, de' aus dem Trauerdag eng kleng, ower androcksvoll Feier gemâcht hun. D'Unio'n an Miliz wore vun hinnen ageluedén gin. Zesummen woren sie am feierleche Leichendengscht. No der Mass, Nidderléen vun engem Kranz an enger Gerbe op dem Grâw vum Jengy Bettendorf, dem énzege Biéleser Jong, dem d'Gléck wollt huet, datt hén an sengem Hémechtsbuedem d'lèscht Ro' fannen sollt. D'Familjen vun de Jongen a vill aner Leit haten sech ugeschloss. Am Numm vun hire Komeroden huet de Grandgenet Julchen, am Numm vun der Unio'n de Sektio'nschef Heymanns sche'n Wiéder fond, fir hirer, hirer Hémecht an de Léddroenden ze gedenken. Op dösem hellegen Buedem kruten se nach eng Ke'er feierlech versprach, datt, wann sie och a Russland, an Italien oder an Afrika schlofen, d'Hémecht sie nie vergiésst, an datt hiren Do'd net ömsoss wor. Nom Ofsche'ssen vun drei E'resalven hat de' schlicht Feier en Enn. — An allen Hierzer stong et eröm fest: „D'Unio'n ass Zukonft vum Land, lôsst Iéch net önner kre'en." An ass émol d'Seiberong richteg durchgefe'rt, dann, jo dann ere'scht wor den Do'd vun eise Jongen net ömsoss gewiéscht. Da wor haut nöt nömmen en Trauerdag, ma och en Hoffnungsdag an engem neie bessere Letzeburg. — Nomöttes em 3 Auer wor e Fo'ssballmatch töschend der Unio'n Biéles an der Unio'n Zolver. De Sektio'nschef Heymanns huet ponkt 3 Auer de Ball ugesto'ss. D'Enn wor 7:3 zu Gonschten vu Biéles, a 748 Frang zu Gonschten vun der Unio'n. D'Gäscht gue'wen matt engem sche'ne Bucki gee'ert.

**Colmar-Birg.** — Bei der vun der Unio'n (Sektio'n Colmar-Birg) organise'erter Klédersammlong fir de' Evakue'ert vun der Musel, Sauer an Our, sin vun de Colmar-Birger Leit 748 verschidden Klédongsstecker fir Männer, Fraen, Jofferen, Bo'wen, Médercher a Babys ofgeliwert gin. All de' Sâchen sin a se'erguddem Zo'stand a können direkt an de Gebrauch geholl gin. — Déne brave Spender get heimatt de bèschten Dank vun der Unio'n ausgesprach.

**De'fferdang.** — Kaum wor d'UNIO'N an der Freihétsstrôss No. 8 installe'ert, do ass en Opruff un d'Populatio'n ergang, déne gedréckte Letzeburger ze gedenken an durch freiwölleg Beidräg ze höllefen hirt Lo's ze besseren. Et war net ömsoss, well e Stro'm vu Geld ass an eis Kés gefloss. Mir hâlen drop, fir vun deser Stell aus der De'fferdanger Populatio'n fir hir Generosife't e gro'sse merci ze soen. — So' we' De'fferdang fir seng Résistenz ass, so' stét et bestömmt och mat un e'schter Stell, wann et hescht Ongléck a No't ze stöllen. Ké wöllt vrum anren zreck stoen, d'Geschäftsleit an d'Industriebetrieber hun sech iwerbueden am Sammlen, jidderén wollt de' gre'stm'eglechst Zomm un d'Unio'n ofliweren. Et ass durfir net me'glech, all de' Löschten ze publize'eren, a mir biéden durfir fröndlecst öm Nosicht. — E spezielle merci gehe'ert iewer der De'fferdanger Arbechtenpopulatio'n. Wat sie hirem portemonnie entsprechend gespend hun, iwersteigt bestömmt dausendprozenteg d'W. H. W. vun de Nazis. Wann é soe kann, dass fir d'Arbechterspender en Durchschnött vu bal 200 Fr. erausfällt, dann ass dat me' we' he'chhèrzeg, an d'Unio'n wéss gleichzeiteg, op wén se sech am méschte steipe kann. Mir ruffen dofir der ganzer Populatio'n zo' furt so' virun, well denkt drun, dass eis ganz Musel an en Dél vun der Sauer nach an der Feierlinn leien, dass ganz Dirfer evakue'ert musse gin, an dass de' méscht vun déne Mönschen gur neischt me' hun. Vergiesst net, dass dat Letzeburger sin, an dass et eis Flicht ass, hinnen ze höllefen, och mat dé klengste Möttelen. D'Minettsdäpp wossten nach ömmer ze höllefen, o'ni vill ze schwätzen. Durfir appele'ert d'Unio'n openeis un d'Populatio'n vun De'fferdang. So' we' der Iéch matt de Marken selwer iwertrompt, so' mâcht et gené d'selwecht matt de Letzeburger Frangen. — Geld- a Klédérspenden zu Gonschten vun den ongléckleche Letzeburger gin ömmer mat gro'ssem merci am Büro vun der Unio'n, Freihétsstrôss 8 zu De'fferdang, entge'nt geholl.

**Hueschtert.** — Engem Burgeméschter vum Land ass vun der Unio'n Matthöllef an der Gemeng ugebueden gin. Schon eleng aus dem Grond, well den ale Gemengerod während dem Krich schwe'er gelidden huet an ausenaner gerass go'f, huet d'Unio'n dat fir hir Flicht fond. — Aplaz awer jo ze soen, an zesummen ze schaffen, huet d'Unio'n als Äntwort kritt: „Ech brauch Iéch net, e c h si Burgeméschter, an e c h bleiwe et." — Bis elo awer huet d'Unio'n all Affären vun der Gemeng erliédegt, zur Zefriddenhét vun den Awunner an den Ewakue'erten, de' och net matt hirem Beifall gespuert hun, awer den Oberbürgermeister „ech sin et an ech bleiwen et", huet bis elo de Wé nach net fond, fir de Jongen entge'nt ze kommen. — Ons mecht dat neischt aus. Mir mân ons Arbecht zur Zefriddenhét vun der Gemeng trotzdem. Sollt dat awer nach lâng eso' virugoen, wéss nach ké we' et gét. — Wat mengt der, Här Burgeméschter!

**Miersch.** — Zo' onsen Geldsammlongen fir de' onglecklech Evakue'ert vu Sauer a Musel ass nozedroen, dass d'Sectio'n Tönten och 540,— RM. gesammelt hat, de' bei onser Ofrechnong irrtömlecherweis enger aner O'rtschaft zo'geschriewe ware gin. Um Gesamtresultat ännert des Richtegstellung awer neischt.

**Ruedt-Syr.** — D'Unio'n vun der Gemeng Betzder huet durch hir verschieden Sectio'nen eng Geldsammlong zu Gonschten vum Letzeburger Ro'de Kreiz durchgefe'ert, wo'bei sie e glänzend Resultat ze verzechnen haten. Eng nett Zomm Geld vun 11 191,— Mark sin dem Ro'de Kreiz zur Ennerstötzong vun den Evakue'erten iwerwiesen gin. — En hierzleche Merci all de noble Spender an all dénen, de' bei onser Unio'nsammlong mattgehollef hun. Der Post vu Ruedt nach e speziellen Merci fir dé sche'ne Geste, dé si bei der Markenofstempelong gemat hat.

**Woltz.** — De'f traureg hu mir dé lèschte Denschdeg engem vun eise Bèschten dat lèscht Gelét gin. Onse gudden treien Komerod, Franz Bisenius ass net me'. Am Dengscht fir d'Hémecht ass hén durch én Unfall zu Walefer a sengem bèschten Alter ewechgeraft gin. — D'Begriéfnis vum 30. Oktober vum Komerod Bisenius war eppes wat Woltz nach net gesin huet. De ganze Kanton huet sech eng E'er draus gemat, a speziell d'Unio'n fir hiren treien Frönd a Matarbechter zur lèschter Ro' ze fe'eren. De Komerod Bisenius huet ömmer offen, frei a matt eisernem Mut op der Bresch gestanen a seng Flicht erföllt, wo' et gehéscht huet, d'Interessen vu sengem letzeburger Land stin am Spill. De'je'neg, de' ennert der preisescher Tyrannei matt him geschafft hun, wössen, wat sie um Komerod Bisenius haten; onersetzlech ass sei Verloscht. Bestänneg emlauert an tyrannise'ert huet de Patriot Bisenius dem preisesche Regim a sengen Gestapo getrotzt, a me' we' eng Ke'er ass en nach eso' knapp derfu kom. De Komerod Bisenius gehe'ert zu déne Männer, de' net gescheit hun hirt Liéwen anzesetzen fir Letzeburg, an als sche'nt Beispill vun Hémechtstrei fir spe'der Generatio'nen do stin. Mir als Membere vun de Freihétsorganisatio'nen kucke voll Stolz op hén. — So, we' de Komerod Bisenius als Patriot fir sei Land do sto'ng, so sto'ng hién och do fir seng Fra a seng Kanner, sie ze tre'schten ass ganz schwe'er, de Verloscht ass ze gro'ss, d'Léd ze de'f, mè als Tro'scht sollen sie eist Versprèchen hun, datt mir vun de Résistenz-Organisatio'nen éneg a geschlossen hannert hinne stinn, fir hir Interessen ze suergen, we' mir onsem treie Komerod Bisenius et schölleg sin. — Um Grâw huet den Här Kantonalchef vun der Unio'n an den Här Burgerméschter Simon ergreifend Riéde gehâlen, kén A blo'f drechen, an Trauer lo'g iwert dèr dausendköpeger Menschenmass; a sie all hu gefillt mat der Familjen, dât siéf hinnen och én Tro'scht. — Stolz hun trotzdem all Broscht gehuewen, we' dem Komerod Bisenius seng Milizmänner him d'E'ersalven iwert d'Grâw geschoss hun a jidverén huet sei Schwuer erneiert, seng léscht Dröps Blut hirzegin, wan d'Hémecht et verlangt. — Eddi, Komerod Bisenius, bis an enger besserer Welt.

**Wurmeldeng.** — En etlech jong Borschten aus der Unio'n hun desdég un enger verirter Min geknechelt bis se explode'ert ass. — Dobei sin der drei leie bliwen a ve'er schwe'er verwonnt gin. — Et ass eso' oft schon gesot gin Klenger a Gro'sser: d'Fangeren ewèch vun eso' Sâchen, an ower get et der nach ömmer, de' durch hire Firwötz d'Liéwe lôsse mussen. — Et siéf durch dat gruschelegt Ongleck hei zu Wurmeldeng nach emol drop higewisen. — De drei Onglecklesh sin de René Biwers, de Josy Lethal a Camille Schumacher. — D'Unio'n trauert öm hiren ze fre'en Do'd mat hiren schwe'er gepre'fte Familjen. — E feierlechen Dengscht fer si ass de' nèxt Woch an der Katedral.

# D'Fangeren ewech wannechgelifft!

Schlecht Erfahrongen machen d'Leit klug. Dat ass eng Wo'recht, de' ké Mönsch kann ofstreiden.

Mir erzielen iech duerfir fir d'e'scht eng traureg Geschicht: Et wor am Joer 1940, an en Dél vum Land war evakue'ert. D'Franso'sen, besonnesch schwarz Colonia'truppen stongen an engem Dél vum Minett. Sie hun sech awer gleich hannert d'Maginot-Linn zreckgezunn an duerno waren de' preisesch gestiwelt Kuederen Méschter. A grad ewe' d'Kuederen hun sie alles zesummegerawt, wat sie selwer, hir Muttien dohém an dat anert Katzegeschmöss am Reich gebraucht hun. Dat wösse mer allequer, well mer hun hir Camioen dermat gesin durch d'Stadt an iwer d'Muselbrecken fueren.

Nom Zesummebroch vu Frankreich konnten de' Evakue'ert eröm hémgoen. A we' de' Leit erem an hir Wunnengen kom sin, hun sie festgestallt, datt vill Sachen, de' sie beim Evakue'eren hu missten dohém lossen, net me' do woren. Sie hun d'Preise gefrot, wo' de' Sachen hikomm wären an sie hun hinnen é Schlag geäntwert: „Das waren die Schwarzen."

Domatt wär eigentlech eis Geschicht um Enn, wann de' Schwarz nämlech de' verschwonne Sachen geklaut gehat hätten. Zu hirer E'er an zur E'er vum franse'sche Militär siéf awer gesot, datt sie et net woren. Mir kennen de' Klaubridder, de' a Wirklechkét gestuel hun. Et woren d'Stiwelfritzen, de' matt dem „Gott mit uns" um Koppel op hirem organise'erten Raubzug woren. Mir können sie eventuell begreifen (wann och net entschöllegen) well se vu jehir als e Raubrittervollek bekannt sin.

Mir bedaueren duerfir, datt mer net soe können, sie hätten eleng „organise'ert". Sie hate nämlech Kollegen, so'genannt Letzeburger, de' och am Dre'wen geföscht hun. De' woren e bössen e'schter eröm dohém we' de' aner Evakue'ert. An da waren der önnert hinnen, de' och emol an en anert Haus, wo' nach kén dohém wor, kucke si gangen, op nach alles do wär. A wann dann eppes hinnen apart gefall huet, dann hun sie et dohém bei sech sechergestallt; sie hun allerdengs durno vergiess, dem richtege Propriétär et erömzegin.

Dat sin Tatsachen, an doeraus wölle mer des Ke'er eppes le'eren, wann eis Evakue'ert vun der Ostgrenz eröm können hémgoen. Et duerf des Ke'er net me' geklaut gin! Könne mer dat verhönneren? Mir soen jo a mir machen praktesch Virschle': Schéckt d'Miliz fir d'e'scht an hir Dierfer a Stied. Wann dann d'Leit hémkommen, mellen se sech bei der Miliz un. D'Miliz fe'ert doriwer eng lafend Löscht. Jidferén, dén eröm dohém ass, huet nömmen d'Recht, seng ége Wunneng ze betriéden, all aner Heiser bleiwen zo'. D'Miliz fe'ert doriwer Kontroll a mecht Patrullen.

Wann et eso' gemat göt, da si mer iwerzégt, datt de' „schwarz Letzeburger" des Ke'er net me' an d'Versuchung kommen, eppes secherzestellen, wat hinnen net gehe'ert. An duerfir, net gezéckt, organise'ert schon haut de' Sach, well et ass net ne'deg, datt eis Evakue'ert me' geschiedegt gin, we sie et scho sin.

**Letzeburger! Halt èr Hémechtssprôch an E'ren!**

# Un ons Sektio'nen

**Betr. d'Zeidong.**

**Et ass an all Sektio'n é Mann ze bestömmen, dén sech öm d'Press bekömmert, d. h. dén d'Zeidong kre'en a verdéle soll, dén d'Ofrechnonge besurgt, d'Löschte fe'ert, d'Gelder anzit an iwerweist, dén och redaktionell Beidräg an d'Lokalchronik sammelt a weideriét.**

**All Ofrechnongen de' nach félen, sin direkt der Redaktio'n anzeschecken matt genée Löschten.**

**D'Expeditio'n ass am fre'ere Café Entringer. All Sektio'n ass gebiéden, do hir Päck ofzehuelen.**

**Dofir ass d'Expeditio'n Samschdes op vun 8—12 a vun 2—6.**

**Betr. de Beidrag.**

**De Beidrag ass fir all ons Member op zeng (10,—) Frang festgesat plus 5 Frank fir d'Zeidong = zes. 15,— Frang pro Mo'nt.**

**An all Sektio'n muss de Beidrag bis zum 15. vum Mo'nt opgehuewen a bis zum 25. an der Haptkés ofgeliwert gin.**

**Mir man ons Member drop opmirksam, dass d'Unio'n elo nach hir Önnerstötzongsaktio'n weiderfe'ert. Mir biéden dofir all guddgestallt Member och no Me'glechkét zu onsem Önnerstötzongsfong beizedroen.**

**Betr. inaktiv Member.**

**D'Unio'n délt heidurch alle Letzeburger matt, datt se der Unio'n als inaktiv Member (E'remember) beitriéde können, wann se sech fir d'Durchfe'erong vun onsem Programm asetze wöllen. De Beidrag pro Mo'nt 10,— Frang plus 5,— fir d'Abonnement vun der Zeidong. E göt an de Sektio'nen erhuewen.**

**Eventuell Iwerweisongen un den Önnerstötzongsfong sin extra anzeréchen.**

**Betr. Zensur.**

**All Bre'f de' mir aus Frankreich oder Belgien u Letzeburger weidergin, musse vun der Sektio'n opgemâcht an zensure'ert gin.**

# OFFIZIELL MATTDELONGEN

**Chröscht- an Neijorskarten fir d'Amerikaner an d'Letzeburger.**

An e puer Dég göt de Commissariat du Rapatriement sche' Glechwonschkarten fir Chröschdag an Neijoschdag eraus. An e'schter Lin wöllt d'Commissariat domatt onse Befreier eng Fréd machen, well et fir en Englänner oder en Amerikaner ké Chröschdag get wo' hien senger Familjen a senge Frönn net eng sche' Kart schéckt. Ma et soll och e gudd Wierk mam Verkaf verbonne gin, an dofir sollen och d'Letzeburger Gebrauch vun déne Karten machen, de' sech och fir si égnen. Op der e'schter Seit ass eng sche' Vue vu Letzeburg oder e sche'nt Chröschdagsmotiv. Op der 3. Seit stét en englesche Sproch, dé soe wöllt: Aus dem freie Letzeburg, der klengster vun de Verénegten Natio'nen, wönschen ech e sche'nt Chröschtfest an e glecklecht neit Jor. — D'Ausfe'erong leit an den Hänn vu bewärte Könschtler a Photographen. Den Drock besurgt d'Firma Linden an Hansen. De Preis an d'Verkafsplazen vun de Karten gin nach mattgedélt. De Benefiss ass fir ons Evakue'ert a fir d'Hémfe'erong vun de Letzeburger am Ausland.

**De' nei letzeburger Käppercher.**

Vun e Me'ndeg, 6. Nov. 1944 un sin an der Post nei Käppercher am Verkaf mam Bild vun eiser Gro'ssherzogin a vun dese Wèrter: 5, 10, 25, 35, 50, 70 Zantim, 1, 1.25, 1.75, 5, 10, 20 Frang. All al letzeburger Bre'fmarken a Postkarten an alles wat dovun wärend der deitscher Besatzong erschengen ass, huet ké Kur me'.

**D'Postverwaltong am Dengscht vum „Commissariat du Rapatriement".**

We' schon eso' oft stellt sech och des Ke'er d'Post an den Dengscht vun der gudder Sach.

Si get bei der Emissio'n vun de neie Käppercher e Konschtblad eraus op dém de' 12 Käppercher vum Saz opgepâcht a matt engem Spezialstempel dén niéft dem Datom vun der Emissio'n och matt „Premier jour d'Emission 6 Nov. 1944" gezéchent ass. De Preis vum Blad ass 75 Frang. De Benefiss vum Verkaf get der Kés vum C. d. R. iwerwisen.

D'Sammler sollen hir Bestellong bei hire respektive Büroe machen vum 10. November un, wo' se och verdélt gin. De Bedrag ass bei der Bestellong ze iwerweisen.

**Arrêté vum 4. November 1944 dén de Posttarif vum Inland nei festsetzt.**

Art. 1. — Den arrêté vum 28. Dezember 1934 an dé vum 30. Januar 1935 sin durch d'Verordnong vum C. d. Z. vum 30. 9. 1940 opgehuewe gin, we' d'Ömrechnong 1 Rm. ass 10 Frang dekrete'ert go'f. Des Tarifgebühren gin einstweilen beibehal bis en neit Reglement iwert de Postdengscht am Inland erausgét.

Art. 2. — De' Gebühren fir de Postuweisongsdengscht, fir de Postiwerweisongs- a Scheckverke'er gi virléfeg eso' festgesat:

A. — Postuweisongen:

bis zu 100,— Frang inkl. 2 Frang;
iwer 100 bis 1000 Frang inkl. 25 cts weider fir all Bedrag vun 100 Frang me' oder en Dél dervun, iwer 1000 Fr. 50 cts fir jidfer Bedrag vun dausend Frang oder en Dél dervun.

B.

Scheck- an Iwerweisongsdengscht.

1. Zahlkarten:
bis 500 Frang: 50 cts.
iwer 500 bis 1000 Frang: 1 Frang.
iwer 1000 Frang 10 cts. me' pro dausend Frang oder en Dél dervun. He'chstgebühr: 10 Frang.

2. Kassescheck oder Zahlongsuweisongen:

a) eng fest Gebühr vun 1 Frang pro Opdrag;

b) ausserdém eng Steigerongsgebühr vun 20 cts pro dausend Frang oder en Dél dervun;

c) d'Iwerweisongen am interne Verke'er si frei.

Art. 3. — Onse Finanzminister ass matt der Durchfe'erong vum arrêté befasst, dén den Dag vu senger Publikatio'n a Kraft tröTT.

**Postscheck.**

Beamten a Pensione'erter, de' e Postscheckkont hun, si gebiéden des Konten net ze köndegen, well d'Regirong d'Arichte vu Postscheckkonten fir Gehaltsempfänger verallgemeinere wöllt.

Mattgedélt vum Finanzministerium.


**Geschäftsleit an Handwierker!**
Fir eng fachmännesch Erliédegong vu Buchhaltongs-, Bilanz-, Steier- an all aner geschäftlech Arbechten empfielt sech
**R. Rollinger,** dipl. en sc. com.
LETZEBURG
Lacroixstrôss 8a

De Leit vu **Walfer** an **Ömge'gend** délen ech matt, dass ech mei Café
**op der WALFER GARE**
erem op hun
**Madam Laux an d'Kanner**

Ass et fir eng ro'eg Parti Kelen an e guden Dickereger Humpen, passe'ert beim
**Collart Leo**
UEWERKUER
Prönz Haristrôss 72

Hut der loscht op e säftegen Kalewsbrot, kommt bei den
**Hoffmanns Hary**
DE'FFERDANG
Uewerkuereravenue, Tel. 82-06

**C. E. P. L'Avenir De'fferdang**
Unio'nsmember vun De'fferdang scheckt èr Kanner ro'eg bei ons an de Médercherturnverein, wo' si am Géscht vun der neier Zeit erzu ginn.
Fir eng gutt Moral suergen ons Damen vum Comité.
Pro'ven si Mendes an Donneschdes vu 6—8 Auer am Turnsal vun der Bo'vescho'l.
**De Comité.**

Ass et fir e nHumpe Battin an e gudde Pättche Wein, dann nömmen am
**Café Cigrang**
NIDDERKUER-DE'FFERDANG
Freihétsstrôss 121

Uebst, Gefligel, Wöld, Geme's an Délicatessen fand der ömmer an der
**Epicerie Grüneisen - Kellner**
DE'FFERDANG
Freihétsstrôss 51 A. Tel. 8195

Virun 3 Jor go'f meng Apdikt am Parc Gerlache zu De'fferdang vun de Nazien zo'gemèt. Zenter 8 Dég ass s' eröm op.
**Apdikt Félix Schmit**
**De'fferdang,** Parc Gerlache.

E gudde Pättchen kritt én bei der
**Madam Jos. Brachmont**
zu **DE'FFERDENG**
111, Gerlachpark — Tel. 81-13
de' zenter en Dönschdeg erem op ass, nodém se virun 2 Joer vun de Preisen zo'gemâch kritt hât.

D'Schreinerei
**Reisdorfer**
**KAYL,** Te'tengerstrôss
mecht all Schreinerarbechten, propper a gudd.

**Accordéon-Scho'l**
**A. STEICHEN**
**Oenneschtgâss 13 (Haus Jungblut)**
Ech délen heidurch allen Accordéon-Frönn aus Letzeburg matt, datt ech en Accordéon-Club opgericht hun, dém jidferén, dé Fréd um Accordéonspillen huet, beitriéde kann. De gre'ssten Dél vun de Memberen, de' der (op mei Bedreiwen während der preisescher Besatzong opgele'sten) „Akkordeon-Gesellschaft Letzeburg-Stad" ugehe'ert hun, sin dem neie Club scho beigetratt. D'Pro'wen hun den 1. 11. 1944 ugefâng.
Menge fre'eren Elèven délen ech dann och matt, datt vum 1. 11. 1944 d'Couren a menger Privat-Accordéon-Scho'l eröm ugin.
Nei Elèven fir Accordéon a Solfège können sech ömmer mellen. De'je'neg nei Elèven, de' hir Meldong schon ofgin hun, si gebiéden se ze widerhuelen.
D'Scho'lgeld an d'Clubgeld bedre't nömmen 120,— Frang pro Quartal an ass am Viraus ze bezuelen.
Umeldonge sin telefonesch oder möndlech a mengem Musikaliegeschäft zu Letzeburg, Oenneschtgâss 13 (Telefon 20-13) ofzegin.
Reparaturen u Geien a Pianoen vun den Elèven gi bei mir ugeholl.

# Wat mir Letzeburger vun onsem Steierminister erwarden!

Obschon d'Lésong vun der Steierfro immens wichteg ass, ass ze soen nach gur neischt driwer geschriwe gin. Den Thema ass och net ganz angenehm, well, egal wat e propose'ert, gett e bal an alle Fäll d'Opfer vu sengen egene Virschle'.

Well ech selwer Jonggesell sin, kann ech z. B. net gudd virschloen, d'Jonggesellesteier beizebehalen. Menger Ansicht no wir et ubruecht, wann d'Steiergrupp 1 opgehuef ge'f, oder ere'scht bei engem gewössen Alter a Kraft triede ge'f. D'Jonggesellesteier ass eng typesch preisesch Steier an sie ass och net ganz berechtegt. Et kann én net soen, datt e Jong vun 18 oder 25 Jor schon e Jonggesell ass. Wann én dat ge'f soen, da misst én och verlangen, datt jidfrén sech schon zu 18 Joer bestuede misst. An dat ge'f sche' gin, gléwt mer es. Gewöss göt én durch d'Jonggesellesteier ugedriwen, sech me'glechst fre' ze bestueden, mä op der aner Seit mecht sie engem Jonggesell et och schwe'er, eppes fir seng Hochzeit ze spueren. D'Le'n sin am Ufank vun all Karriere eso' kleng, datt én eleng schon drei Me'nd spuere muss, fir dem Koschter sein Drenkgeld können ze bezuelen. Dofir wär et an der Rei, wann e Jonggesell ére'scht vu 35 oder 40 Joer u bezuele misst, dat hésclt an engem Alter wo' é soe kann, datt et sech em e Jonggesell handelt.

Durch eist Gesetz vum 26. 10. 1944 si bal all preisesch Steieren a Kraft bliwen. Eigentlech ass neischt durge'nt anzewennen. Am Krich sin der vill zu de Steieren erugezu gin, de' virdrun ni e Su bezuelt hun, an dat woren der elauter, de' sech ganz gudd stongen. D'Preisen hu me' we' zeng mol me' Steieren am Joer agedriwen we' mir. Am Krich sin d'Steieren net nömmen vun déne bezuelt gin, de' e feste Lo'n haten, also vun de Beamten an den Arbechter, mä och speziell vun den Industrien a Geschäftsleit. Et ass bekannt, datt e Beamten an en Arbechter net reich ka gin. Geschäftsleit ower an Handwierker könne hurteg reich gin, an si sollen dofir och no hire Revenüe besteiert gin. D'Preisen hun z. B. fir all Betrieb **Buchhaltong** agefe'ert, net nömmen e Caissebuch, mä och e Wuerebuch, Haptbuch, en Inventar a. e. w. Dodurch ass et virkomm, datt Betrieber, de' virum Krich nie e Su Steier bezuelt hun, am Krich ebémol all Mond Dausende vu Frange bezuelt hun. Mir erwarden, datt eist Steieramt de' Bestömmong beibehält an datt se weider de System vun de Betriebsprüfonge strikt weider fe'ert. Dat ass net nömme gerecht, mä et kommen och vill Suen an de Staatsbeidel, an dat ass dat Wichtegst.

Wat mir awer speziell vun eisem Steierminister erwarden, ass **d'Besteierong vun de Krichsgewönner,** an zwar net nömmen eng Besteierong schlechthin, mä **eng radikal Beschlagnahmong.**

D'Franzo'sen hun eis e gudd Beispill doranner gin. A wa mir vun de Preisen dat beibehale wöllen, wat gudd ass, da könne mir bestömt och vun de Franzo'sen dat iwerhuelen, wat gudd ass. Deser Dég stong am „Journal Officiel" vu Pareis, datt all Gewönn dén am Krich gemat ass gin, restlos vum Staat agezun get. An önnert Steiergewönn versti mir den tatsächlechen Gewerbegewönn, vun dém d'Privatentnahmen nach nöt ofgezun sin.

Do könnt et dann emol virkommen, datt e Wucherer nach Geld le'ne muss goen, fir seng Krichssteieren können ze bezuelen.

Als zwét Mesure hun d'Franzo'sen décide'ert: Könnt de Gewönn dodurch, datt é matt de Preise geschafft huet, da göt net nömmen de Gewönn agezun, mä et kritt é nach eng Strof, de' dreimol eso' deck ass we' de Gewönn. A la bonheur! Da félt nömmen, datt nach bestömmt get, datt de' Strof an engem Mond bezuelt muss ginn. Dodurch gi se dann gezwongen, hirt ergaunert Egentom ze verkafen, a mir können secher sin, datt fir eng gudd Zeit de' onpropper Elementer aus eiser Wirtschaft eraus sin. Wann dat hei och eso' gehandhabt göt, da kritt de Staat eso'-vill eran, datt en e puer Joer lang keng Steier me' breicht opzehiewen.

D'Franzo'sen gin ower nach me' weit. Net nömmen ze'en sie de Gewönn an, a fixe'eren eng Strof de' dreimol eso' he'ch ass, mä sie setzen de' Betreffend nach derbei an, a krâchen hinnen nach en etlech Dozen Jor op d'Box.

Hoffentlech mecht eise Steierminister et grad eso'. Wann hien et net mecht, da brauch en nie me' ze kloen, en hätt keng Suen an der Caisse.

A bei der Besteierong muss hie radikil virgoen a kén Oennerschéd man, op do de Gewönn vun der Arbed, vun der Eisebunn, vun de Grossisten, de Geschäftsleit oder soss irgend engem gemacht ass gin. Fir de Krichsgewönn z'ermötteln, brauch én als Basis nömmen d'Revenüen vu virum Krich ze huelen. Alles wat driwer gét, ass fir de Staat.

Nu get et ower och Fäll, wo' éso'guer de' raffine'ert Preise net derhannert komm sin, et he'ert én dér Fäll all Dag. Ech kennen z. B. e Mann, dén huet sech 1940 en Haus gebaut. Hien huet démols op der Spuerkés 170.000 Frang musse le'nen. Am Kontrakt stong, datt hien de' Suen an 25 Joer zreckbezuele ge'f. Hien huet ongefe'er 2.000 Frang de Mont verdengt. **Elo he'eren ech ower datt hien an zwé Joer de' 170.000 Frang bezuelt huet an nach 100.000 Frang derniéft op der Seit huet.** Dat mecht am ganzen e Krichsgewönn vun iwer enger halwer Millio'n. An ech wéss bestömmt, datt en de' Suen nömmen kritt huet, well e matt de Preisen hanneneröm geschafft huet. We' könnt én un dé Mann? Fir d'e'scht muss én him laut dem Gesetz vum 14. Oktober seng Schold vu 1940 mat 1,25 multiplize'eren, dat göt dann 212.500 Frang. De' 170.000 Frang de' hie bezuelt huet gi mat 0,5 multiplize'ert, dat get dann 85.000 Frang. Hien ass dann haut nach schölleg: 212.500—85.000 = 127.500 Frang. Mä richteg ass dat nach net. Wa mir eisem Virschlag trei bleiwen, muss hien onser Steierverwaltong 170.000 + 100.000 = 270.000 Frang ofliwern, allerdengs zum taux vu 5 Frang, dat dreifacht u Strof bezuelen, an nach e puer Jor ofsetzen. Zevill wir et nöt, well hien huet um Bockel vun dénen anere Letzeburger mat de Preise geschafft an en hat et gudd we'nt dem Krich.

En aneren interessante Fall ass dén hei: Ech kennen e Betrieb — natirlech war d'Direktio'n preisesch bis an d'Fangerspötzen, an natirlech ass haut och nach de' selwecht Direktio'n do — den hat 1940 op der Bank eng Schold vun 400.000 Frang. De Betrieb huet all seng letzeburgesch Konnen am Krich op d'Schöff gescheckt, nömmen matt der Wehrmacht a matt de Giélemännercher geschafft; en huet seng ganz Arichtong modernise'ert, an huet haut op der selwechter Bank anstatt enger Schold vun 400.000 Frang e Boni vun 400.000 Frang stoen. Wann ech och ofgesinn vun der halwer Millio'n de' an de Bau gestach ass gin, dann huet de Betrieb ömmerhin nach 800.000 Frang Krichsgewönn, iwer dén hie verfüge kann. A wat denkt dir, wat é mat 800.000 Frang mache kann? Eso' vill kritt eng Arbechterfamiljen a 5 Generatio'ne net zesummen.

Leider oder glecklecherweis, ass de Betrieb nun ower bommegeschiédegt gin an hien huet schon eng Millio'n Schuedenersatz ug[illegible]t. **Wir et do net gerecht, wann de Betrieb sei Krichsschued mat sengem Krichsgewönn bezuele gif?** Bei all ähnleche Fäll misst et eso' gehandhabt ginn.

**Fir hannert all Krichsgewönn ze kommen, muss fir jidferén eng Steiererklärong virgesi gin, op dér hie seng Verme'genslag vu 1939 noweist an de' vun 1944. Da kre'e mir sie all an eise Steierminister muss beim Schlesser nach en etlech Coffreforen bestellen, fir d'Suen all önnerzebrengen.**

Ofschle'ssend verlange mir dofir, datt de Steierminister eng Steiererklärong vu jidferengem am Land fuerdert, aus déer é klor geseit, wat am Krich bei dat alt Verme'ge beikomm ass. Weider ass et selbstverständlech, datt all Krichsgewönn, dén iwer d'Moyenne vu virum Krich erausgét, vum Staat agezun get an der Allgemenghét zum Notze könnt. Weider fuerdere mir, datt de' Krichsgewönner, de' durch Zesummenarbecht mam Feind entstan sin, oder durch Schwarzhandel, nach mat enger ordentlecher Strof derbei beluegt gin, an datt de' Schölleg an de Kittche kommen.

Wat d'allgemeng Steierfro ugét, si mir derfir, datt de' nei Steiergesetzgebong vun de preisesche „Feststellongsbescheiden" profite'ere soll; all physesch a moralesch Perso'n soll no hirem richtege Revenü besteiert, an nöt no dém ofgeschätzt gin. An ech perse'nlech wir derfir, wann d'Jonggesellesteier ofgeschaf ge'f . . . **S.**

# Onse letzeburger Bauer

„Ein stures Pack" huet emol am Krich e Preiss se genannt, nodém en hinnen e puer Stonnen lang vun den „Segnungen" virgetuddelt hat, de' d'Nazien onsem Land an vir allem onsen letzeburger Baueren bruecht hätten an nach brengen wöllten. Si haten gedölleg nogelauschtert, o'ni ze schwätzen, net derfir an net derge'nt, mé si haten guer net verstanen, datt si als Dank fir de' „Segnongen" we'negstens zo' e puer sech an den „Gre'weclub" (V. D. B.) aschreiwen lôssen sollten.

En hat eigentlech net eso' ganz onrecht, de Preiss! „Stur" woren ons Baueren durch d'Bank. Stur an hirer passiver Oppositio'n ge'nt de Preiss, stur och an hirem feste Glaw, datt d'Recht sech émol ge'f durchsetzen, an datt iwer kurz oder lang ons Gro'ssherzogin erem ke'm, nodém datt de leschte Preiss mat all séngen „Segnongen" erem hannert d'Grenzen vu sengem verfluchten Dappland gejot wär. — „Stur" hu si och un hirer alverierwter Method festgehalen, op Wirder we'neg, me' ower op d'Resultater ze gin.

An eso' ko'm et datt ons Baueren sech och am Krich [illegible] önnert dem Nazijach erem als den alen feste Stack erwisen hun, ob den én ka bauen, an un dém dat Friémd an Onecht glötscht o'ni Halt an Upak ze fannen.

Et go'f vleicht keng Zeit an onser Geschicht, wo' de Bauer an den Arbechter sech eso' éneg gefillt hun, a wo' et sech eso' deitlech gewisen huet, datt iwert all zo'fäll[illegible] an dack nömmen agebilt oder könsc[illegible]ch opgericht Ménongs- an Interessenverschiddenhét eweg, si allebe'd virun allem Letzeburger woren a sin, de' durch hir Arbecht sech d'Recht ob Liewen an Wuelstand eruweren mussen; mé de' duerfir allebe'd net manner op hirt ugestamt an verierwt Recht bestinn a kengem, virun allem kengem Preiss, et erlaben wöllen dorun ze re'eren. Aus der gro'sser No't vun desem Krich eraus huet sech eng Solidarite't eraus kristallise'ert, de' all echt Letzeburger geénegt huet, a bei dér och de letzeburger Bauer sech seng E'ereplaz gesechert huet.

De letzeburger Bauer huet och seng gro'ss Pro'f bestanen. Net nömmen dodurch datt hien sech vun alle Stänn am mêschten ge'nt alles wat preisesch wor gestriéft huet. Dat wor fir hién och vleicht me' lîcht we' fir muencher aner, dén op expose'erter Plâz dem preiseschen Zo'gröff me' ausgeliwert wor Hién ass och gewinnt als Hèr op sengem égenen Grond a Buedem ze stoen. Sei Reck ass me' steif, net nömmen vun der Arbecht, mé och well him aus aler Gewunnegt eraus et schwe'er fält, sech virun engem ze becken, am allermannsten virun engem hirgeläfenen Preiss, fir dén en net emol eng Grimmel Respekt opbrengen kann. Mé richteg gewisen huet de' Solidarite't sech ere'scht, we' et schlömm go'f, we' de Preiss ugefang huet sei richtegt Deiwelsgesicht ze weisen, we' d'Prisongen an K. Z. Lageren sech geföllt hun mat Letzeburger, de' de Preisen hei am Wé sto'ngen. Aus dem Bauerestolz, dé mat dem Friémen neischt wollt ze din hun, ass du lues a lues en Hâss eropgewuess ge'nt dén, dén sech vermiéss huet ons al Rechter unzetâschten, de' mir, an de' virun allen ons Baueren als e'weg an onverännerlech ugesin hun. An we' du den 10. Oktober 1941 de' berüchtegt Ofstömmong bruecht huet, du wor et wirklech net ne'deg bei onsen Baueren nach lang opzeklären oder ze wullen. Hiren Stömmziédel wor vun virerof nömmen op eng Mane'er me'glech: „Dreimol Letzeburg". An we' am Ufank nach muencher Gele'erte gemengt huet nach missen dorömmer önnerschéden ze goen op onst Letzeburgescht eng Sprôch ass oder nömmen en Dialekt, we' muencher aner a senger Schlauhét nach net wosst op och wirklech kén Oennerschéd sollt gemâch gin töschend „Staatszugehörigkeit" an „Volkszugehörigkeit", du wor op onsen Dierfer we' bei den Arbechter well lang all Zweiwel gefall: Letzeburg, an neischt ewe' Letzeburg.

An we' e Joer drop de Preiss sengen Verbriéchen d'Kro'n opgesat an d'Veruerdnong erausgin huet, no dér ons Jongen an de' verhâsst preisesch Uniform force'ert si gin, du huet d'Revolt ge'nt dât Verbriéchen, dât o'ni Beispill an der Geschicht do stêt, an all letzeburger Se'l opgeflamt. We' ons Kolle'schstodenten als e'scht den Scho'lstreik als öffentlechen Protest entge'ntgesat hun an duerfir spe'der bei den Preisen als „Sträflinge" bezéchent an behandelt si gin, we' d'Arbechter an d'Beamten d'Arbecht ne'ergeluegt hun fir ge'nt de' Vergewaltegong ze proteste'eren an duerfir jonk an wertvoll Liéwen dem preiseschen Naziterror hu missen afferen, hun och ons Baueren net gezeckt sech unzeschle'ssen. De Bauer ass verwuess mat sengem Buedem, mat sengem Ve'h a mat senger Arbecht. Dat Bro'd dat en zillt ass hellech, an et dét em we', wann e geseit wa mat Sâchen, de' hién vill Schwêss an Arbecht kascht hun, Mutwöll gemâch get. Da kann é verstoen, we' de'f datt et en getraff hat, wann de Bauer selwer de' Möllech, de' en hat sollen ofliweren, an de Kulang geschott huet. Muencher Bauer huet et jo och missen be'ssen, dodurch datt de Preiss e vun Haff a Gudd ewech no Schlesien oder Polen „ömgesiedelt" huet.

Mé ass virdrun beim Ofliweren sech alt gedreckt gin, da go'ff elo nömmen me' dat ofgeliwert wat onbedengt huet missen gesche'en. Wo' a we' et nömmen go'ng, do go'f geströppt. De Bauer huet mat Recht dât net als eppes Verbuedenes ugesin, mé e wor sech bewosst, datt en domat senger Hémecht ge'f en Dengscht lêschten an de Preisen ge'f schueden. Well dât wat op de' Mane'er him blo'f, ass net verduerwen, mé d'Letzeburger hun et kritt. An eso' ko'm et och, datt am Krich wuel ké Letzeburger am Land huet brauchen Honger ze leiden.

Bedauerlech Ausnahmen get et jo ömmer. A wann et bei de Baueren och mol dén én oder dén âneren go'f, dé schwârz verkâft huet, zo' Wucherpreisser an un dén, dén am mêschten bezuelt huet, da blo'fen et ower Ausnahmen an et wär e gro'sst Onrecht, ge'f én de letzeburger Bauer mat dénen puer geierecher Gripserten an engem Otem nennen. Et wêss jo jiddferên we' et démols an onsen Dierfer zo'go'ng. En „Hamsterer" huet dem âneren d'Dir opgemat, Dag fir Dag; a we' dack huet d'gudd Baurefra sech ké Rod me' gewosst, well si jo nach gèren gin hätt, mé neischt me' hât. A we' dack huet si de Botter, dé fir hiren Dösch bestömmt wor, alt nach enger Mamm gin, de' fir hire Jong eppes froe ko'm, dén am Arbeitsdienst oder an der Wehrmacht wor, we' dack ass de Speck den Hierscht beim Bauer knapp gin, well en dénen e net kont versoen, de' eppes froe komm sin fir de Papp oder de Brudder, dén ömgesiedelt wor oder zo' Hinzert so'tz. Do wor en neischt un d'Hierz gewuess. A wivill Päck si vun onsen Dierfer an d'Lageren gang, a wivil lPäckelcher und d'Jongen, hei un e Kniécht, do un e Coseng, do un de Jong vun engem gudde Bekannten.

We' du ons Jongen d'preisescht Jach ofgereselt hun an sech le'wer an de Scheieren an an de Böscher verkroch hun ass we' ge'nt hirt Land a ge'nt hir Allie'ert un der Front ze stoen, we' se d'e'scht zo' Dosenten, du zo' Honnerten an zum Enn zo' e puer Dausend am „Oennergrond" verschwonnen woren, du wor et de letzeburger Bauer dé voll a ganz seng Pflicht als letzeburger Patriot an als Mönsch erföllt huet. Matt den Resistenzorganisatio'nen zesummen, a muenchen Fäll och op égen Initiativ hin, hun honnerten vun hinnen d'Jongen bei sech opgeholl. Wo' dat net go'ng hu si derfir gesuergt, datt d'Iessen en net gefélt huet. Wivill Ochsen a Kalwer a Schwein si schwarz geschluecht gin fir si. Wivill Eer a Botter ass net ofgeliwert gin, well ons Jongen se gebraucht hun, wivill Zenner Miel go'fen hémlech gemuel fir hinnen Bro't ze baken. Mat göldener Schröft gehe'ert dat an d'Geschicht vun onsem Land agedroen ze gin. A wann och desem an dém en extra Luew zo'könnt, dann ass ower u kenger letzeburger Baurendir emsoss ugeklappt gin, wann et em ons Jongen gângen ass.

Dat soll a muss émol gesot gin fir festzestellen, datt eso' eng Solidarite't, we' d'No't se gebuer huet sech och dauernd, fir elo an och fir spe'der muss weider auswirken. De letzeburger Bauer durf dem Nuem, dén e sech am Krich gemâch huet, an op dén e Recht huet stolz ze sin, net ontrei gin. D'No't ass net um Enn. Elo hêscht et net me' dem Preiss net liweren an hémlech fir d'Letzeburger ze suergen, elo gölt nömmen me' ént: **Ofliweren fir datt d'Letzeburger eppes hun an neischt hêmlech verkâfen, ewell dat ass ge'nt d'Interesse vu Letzeburg.**

D'Land durf dem Bauer sei Verdengscht a schwe'erster Zeit och net vergiéssen. Wann et elo hêscht ons Wirtschaft erem frösch opzebauen, dann durfe mer net vergiéssen, datt onse Baueresland d'Me'glechkét muss behâlen weider ze schaffen a sech weider ze entweckelen.

De' Solidarite't, de' sech am Krich eso' sche'n ausgewirkt huet, muss elo nom Krich weider bestoe bleiwen, zum Notzen vum ganzen Land fir elo a fir spe'der. **r.**

# Krichswucherer

„Wat ware mir Ochsen", schreift de Mann vun der Strôss, an d'Unio'n an hirem Artikel vum 21. Oktober: „Ass d'Le'song vun der Geldfro sozial a politesch gerecht „sét dât selwecht.

Vu London aus sin eis ömmer Finanzgesetzer versprach gin, de' sech op d'No'twendegkét vun engem allgemenge sacrifice base'eren, de' ower d'Krichsgewönner aschneidend, an am Fong treffen. D'No'twendegkét vun engem allgemenge sacrifice gesi mer an, mé we' ass et da mat de Krichswucherer?

Wösst der nach, wa mer am E'slék vun Dir zu Dir hamstre gange sin? Et ass neischt do, mer hun nach net gerompt, eis Hinger léen eso' schlecht an so' weider. Ma wann owes d'Autoen mat dénen Decken komm sin, da war gerompt, an d'Hinger hate geluet. De' Herrschaften hun 200 a me' Frang gin fir d'Pond Botter. 120 Frang a me' fir eng Dozen Eer war eng Klengegkét fir si, well si hâten et jo. Ma mir arm Deiwelen mat eiser armse'leger Paye ko'men do net mat, a wa mer, eise Kanner wegen, eis mol eso' e Luxus erlabt hun, dann hâte mer daks 8 Dég vrum lèschte ké Su me' am Haus fir dat déglecht Bro't ze bezuelen. Et ass klor a logesch, dass mir so' keng Ke'p Marken ömzetauschen hâten! Et he'ert én am Vollek héfeg soen, dass d'Krichsgewönner honnertprozenteg hir am Krich realise'ert Profiter un d'Staatskés ofzefe'ren hätten. Mir sin net domat d'accord! O' a fir wât, soen der elo vill! Fir wât?, abé 't ass ganz einfach. Wât hu mir de' kleng, gemâch am Krich? Mir hun eis kleng Erspuernösser opgeziert bis op de leschte Su fir eis Kanner, eis selwer, an daks nach fir al Elteren ze erhalen. Wivill vun eis hun derniéft hir Gesondhét dropgeke'ert, a si nie me' ganz gutt gin. Am Krich önnerernierte Kanner gi gro'ss a bleiwen ömmer schwächlech a leidend Mönschen hirt ganzt Liéwe lang. A während der ganzer Zeit ass de Krichsprofiteuren neischt ofgang. Déck a fett sin se gin an de Krich hätt nach lang fir si könnten daueren.

Muss dann ömmer an ömmer alles op den armen Deiwele leien!

Vu London aus ass och ömmer gesot gin, dass nom Krich de Regime change'ere gif an d'Männer och. De' Männer de' eröm si komm, schengen net change'ert ze hun, ebenfalls de Regime. Wa mir ofwarden, dann ass et duerfir, well dat gedreckte Vollék a speziell de'jeneg de' dem Preiss während 4 Jor de „Bass gehalen hun", erwarden, dass eppes Greifbares fir se offällt. D'Schanken, so' we' se eis soss durgeheit si gin, wölle mer net me'! Mir verlângen de' selwecht Portio'n, so' we' se soss nömmen de' so'genannt privilege'ert kritt hun, soss si mer net me' mat. Mir sin d'accord eventuell Verhandlongen ze fe'eren, awer net me' Me'nt a Jorelang we' dât soss de Fall war, bis mer leschten Enns nés de' waren, de' ugeschass go'wen.

D'Unio'n gét aus dem Vollék eraus, an d'Volleék vertraut op d'Unio'n. Dén Dâg könnt, wo' d'Vollék vu der Unio'n Rechenschaft verlângt, a mir sin iwerzégt, dass dén Dag d'Vollek mat der Unio'n de' lescht Botz hält.

Et ass durfir net me' we' recht a bölleg, dass de' sämtlech Krichspofiteuren bis op dé leschten one'erleche Su geplömmt, am rengste Sönn vum Wurt, geplömmt gin, am Sönn vun der ausgleichender Gerechtegkét a Proprete't fir de' Leit, de' dés Bro't doként wollten iessen.

**D'Stömm aus dem Vollek.**

# E letzeburger Bauer, dén d'Sâch erfâsst huet

We' ech meng Grompere bezuelt hun, du léen ech mengem Liwerant 50.— Frang pro Zenner op den Dösch, lauter sche' nei letzeburger Geldscheiner. — Liss, sot Momper Klos, breng mer emol mei Bröll, an och eng Dröppchen fir ons zwe'n. — Hé firt matt sengebréden knachege Fangeren iwer dat sche'nt Geld, kuckt sech dat le'ft Bild vun onser Gro'ssherzogin un, hölt é Schein no dém aner, dre't en em an ziélt en of.

Et waren 10 Zenner, sot ech, dat get 10×50=500.— Frang.

Mei Bauer sét neischt. Mé iwert seng Stîr zitt sech e po'lrichte Strech a matt der rechter Hand dreckt hié mir erem 2 Fofzeger iwer den Dösch zo'.

An 10×40 mecht 400.— Frang, mengt hién. Dat ass me' richteg, a wat iwer d'Preîsser an der Zeidong stong ziélt fir mech net. Am Krich sto'ng och villes an der Zeidong, dat mer och net ausgefe'ert hun. 50 Frang den Zenner Gromperen ass entwéder ze deier oder onst neit Geld ass och neischt wert. An dat gléwen ech dach ower och net gèr, datt ons le'f Gro'ssherzogin hirt sche'nt Bild, an onsen Hèr Dupong seng Oenerschöft ge'ngen hirgin, fir op eng Fatz Pobeier ze setzen.

Oder soll de' ganz Preîssergeschicht nach eppes aneres bedeiten? Awer nén, mei le'wen Här, 4 Jor war ech e'erlech ge'nt meng letzeburger Mattbirger an ech mengen, ech bleiwen et och nach nom Krich. 4 Jor lang konnten d'Preisen mech net matt kenge Möttelen fänken an emgâchelen, an haut könnt och nach ké bei mir un.

Mir hu nach eng Dröppche gedronk, an ech hu meng Gromperen scho fir d'nèxt Jor bestallt. Um Hémwé si mengem Bauer seng Wirder mer nach emol durch de Kapp gâng an ech hu missen ageston, „dén do huet d'Sâch erfâsst".

An ech huelen un, datt an onsem klenge Ländchen nach vill Letzeburger sin, de' d'Sâch erfâsst hun oder no e bösschen Nodenken gewöllt sin, se ze kape'eren. **P. R.**

Drock Fr. Bourg-Bourger, Letzeburg.